LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

SYVICOL
Syndicat des Villes et
Communes Luxembourgeoises

Luxembourg, le 21 juillet 2021

**Lettre circulaire à toutes**
**les communes luxembourgeoises**

**Objet : Campagne « Gielt Band » : nouvelle action contre le gaspillage alimentaire**

Madame la Bourgmestre,
Monsieur le Bourgmestre,

Chaque année, des kilos de fruits mûrs non cueillis pourrissent sous les arbres. Ces pommes, poires, prunes etc. sont des aliments gaspillés qui auraient pu être consommés. Comme la cueillette sans autorisation du propriétaire est interdite, il n'est pas possible pour d'autres personnes de récolter ou de ramasser des fruits inutilisés. C'est pour cette raison que le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural ensemble avec le SYVICOL lanceront la campagne « Gielt Band ».

Les communes peuvent – à l'aide de rubans jaunes mis à leur disposition – signaler les arbres fruitiers dont ils sont propriétaires et dont les fruits peuvent être récoltés par le public. Cette initiative s'inscrit, par ailleurs, dans le pacte de solidarité anti-gaspillage « Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung » qui a été signé par 92 des 102 communes du Grand-Duché de Luxembourg.

La saison des récoltes arrivée, les communes se chargeront d'attacher les rubans jaunes aux arbres concernés et chacun peut, sans demande préalable et de manière gratuite, faire la cueillette des fruits pour son usage personnel – en respectant une charte de bonne conduite que vous trouverez en annexe. De cette façon, les communes peuvent agir activement contre le gaspillage tout en valorisant leurs arbres fruitiers et les aliments.

Afin de ne pas polluer la nature avec des matériaux synthétiques, non dégradables, le matériel choisi pour les rubans jaunes est le coton. Le ruban lui-même porte le slogan invitant les gens à participer à l'action : « *HEI DIERFT DIR PLÉCKEN!* ».

Nous invitons les communes participantes à informer les citoyens sur ce projet à travers des articles publiés sur Internet, dans le « Gemengebuet », à l'aide de flyers et des médias sociaux qui reprennent, entre autres, la charte de bonne conduite.

Les communes, le cas échéant en collaboration avec leurs commissions consultatives, les associations locales ainsi que les personnes privées sont également invitées à organiser des

évènements autour de la campagne (comme p.ex. une fête du village ou la production de jus de pommes) et d'informer le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural de ces actions, soit par courriel (antigaspi@ma.etat.lu), soit par téléphone (247-73516). Le 29 septembre 2021, lors de la Journée internationale de la lutte contre le gaspillage alimentaire, les initiatives les plus originales prises au niveau communal dans le cadre de la campagne seront présentées au grand-public sur le site www.antigaspi.lu.

En outre, le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural dédiera une page du site www.antigaspi.lu au projet, sur laquelle sera présentée une carte du pays indiquant toutes les communes qui participeront à l'action ainsi que celles qui ne disposent pas d'arbres fruitiers. Cette carte interactive sera mise à jour au fur et à mesure des réponses des communes.

A cette fin, nous vous invitons à remplir le formulaire suivant, de préférence avant le 1er septembre 2021 :

Formulaire de réponse - Projet "Gielt Band"

Après l'inscription, le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural transmettra les rubans jaunes aux administrations communales par voie postale.

A titre d'illustration et pour faciliter la communication autour de la campagne, vous trouverez en annexe une affiche explicative en plusieurs langues, la charte de bonne conduite et quelques informations pour la mise en pratique du projet.

Le projet « Gielt Band » sera présenté à la presse en septembre et promu par une campagne sur les réseaux sociaux et dans les médias.

Pour tout renseignement supplémentaire, veuillez contacter le ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural (Joëlle Hengen – Tél. 247-73513 – joelle.hengen@ma.etat.lu) ou le SYVICOL (Emile Calmes – Tél. 44 36 58 28 – emile.calmes@syvicol.lu).

En espérant que votre commune participera à la campagne « Gielt Band », nous vous prions d'agréer, Madame la Bourgmestre, Monsieur le Bourgmestre, l'expression de nos sentiments les meilleurs.

Romain Schneider
Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Emile Eicher
Président du Syvicol

## Annexe 1 - Aktioun „Gielt Band“: Guidelines fir d’Gemengen

Är Gemeng mécht bei der Aktioun „Gielt Band“ mat, mir soen Iech Merci fir Ären Interessi an Är Initiativ. Déi folgend Richtlinne sollen Iech hëllefen, fir de Projet an Ärer Gemeng ze organiséieren.

Logistik betreffend déi giel Bännercher

Bei Ärer Umeldung beim Syvicol huet Dir matgedeelt, wéi vill Uebstbeem (a wéi eng Zorten) an Ärer Gemeng fir d’Aktioun zur Verfügung gestallt ginn. Döser Zuel entspriechend kritt Dir giel Bännercher vum Landwirtschaftsministère geschéckt.

Fir d’Ustrécke vun de Bännercher un déi entspriechend Beem ass all Gemeng selwer zoustänneg. Heifir gëllt dës „Charte Gielt Band“:

- De Bam, ënnert dem geraf, respektiv vun dem gepléckt däerf ginn, muss fräi zougänglech sinn (et däerf zum Beispill keen Zonk ronderëm sinn, iwwert den ee muss klammen).
- De Bam däerf net an enger Weed stoen, op där Béischte stinn.
- Dat gielt Band muss gutt erkennbar um Bam festgemaach sinn.
- All Bam muss eenzel mat engem giele Band gekennzeechent sinn.
- Dat gielt Band kann zu all Moment un de Bam festgemaach, respektiv ewechgeholl ginn (iert oder nodeems d’Friichten zeideg sinn, oder wa se well op de Buedem gefall sinn).

Informatiounen iwwert de Standuert vun de Beem

D’Unzuel an d’Zort vun den Uebstbeem gëtt um Internetsite antigaspi.lu op enger Kaart agedroen. Wou genau déi Beem stinn, gëtt hei net matgedeelt.

De genaue Standuert vun den Uebstbeem, vun deene gratis däerf gepléckt ginn, deelt all Gemeng selwer hire Bierger mat, zum Beispill iwwert déi Sozial Medien, op engem Flyer den un d’Haushalter verdeelt gëtt, etc.

Zousätzlech Dokumentatioun

Eng Affiche vun der Aktioun an en Text, den de Bierger se erklärt, kritt Dir vum Syvicol geschéckt. D’Gemenge kënnen dat sou iwwerhuelen an och individuell upassen.

D’Gemenge kréien och een Dokument mat der „charte de bonne conduite“ fir déi Leit, déi wëllen Uebst plécken. Déi Verhalensreegele kënnen dann an de Bongerten, respektiv un de Beem opgehaange ginn.

Internationalen Antigaspi-Dag – Initiativen an de Gemengen

Wann an der Gemeng am Kader vun döser Aktioun aner Initiativen, wéi zum Beispill Viz pressen, Gebeess kachen etc, vu Gemengekommissiounen, Veräiner, Privatpersounen etc. organiséiert ginn, dann deelt eis dat wgl. per E-Mail un antigaspi@ma.etat.lu mat. Mir presentéieren se da fir den internationalen Dag géint d’Liewensmëttelverschwendung (de 29. September) op eisem Internetsite antigaspi,lu der Ëffentlechkeet.

## Annexe 2 – Artikel fir d’Bierger an “Charte de bonne conduite”

**Artikel fir d’Bierger**

Ze gutt fir futti goen ze loossen, dofir: Zerwéiert Iech!
Aktioun „Gielt Band“ vum Landwirtschaftsministère an dem Syvicol

D’Uebst schmaacht am beschten, wann een et selwer gepléckt huet. Mee dat däerf ee just a sengem eegene Bongert. All Joer verfaulen awer kiloweis Äppel, Bieren, Quetschen etc. op an ënnert de Beem an de Wisen a laanscht d’Landstroossen. Dat si verbëtzte Liewensmëttel. Doraus kéint een och Viz pressen, Gebeess oder Kompott kachen, domat baken a nach villes méi.


Mat der Aktioun „Gielt Band“ ruffen de Landwirtschaftsministère an de Syvicol d’Biergerinnen an d’Bierger dozou op, sech op eng flott a nohalteg Manéier géint d’Liewensmëttelverschwendung ze engagéieren. D’Gemengen déi bei der Aktioun matmaachen, markéieren déi entspriechend Uebstbeem mat engem giele Band. Jiddereen dee well däerf da gratis, fir den eegene Gebrauch, Uebst vun deene Beem plécken an dat wat ënnendrënner leit rafen.

D’Organisateuren hoffen, dass sech aus dëser Aktioun weider Initiativen erginn, bei deene Leit dat Uebst, wat se gepléckt hunn, zesumme weiderverschaffen. De Landwirtschaftsministère stellt dës Aktiounen dann am Kader vum internationalen Dag géint d’Liewensmëttelverschwendung, de 29. September, op dem Internetsite antigaspi.lu der Ëffentlechkeet vir. Deelt dem Ministère Är Initiativ mat per E-Mail un antigaspi@ma.etat.lu.

**Charte de bonne conduite**

Halt Iech beim Plécke wgl. un déi heite Reegelen:

- Nëmme Friichte vun engem Bam dee mat engem giele Band markéiert ass, däerfe gepléckt ginn.
- Et ass verbueden, op de Bam ze klammen oder eng Leeder ze benotzen.
- De Bam däerf net beschiedegt ginn.
- D’Friichte si fir de private Gebrauch geduecht.
- Huelt nëmme souvill Friichte mat, wéi Dir braucht.
- Hannerloosst d’Natur sou, wéi der se fonnt hutt.
- Blockéiert keng Zoufaarten.
- D’Plécke fält ënnert Är eege Responsabilitéit.





**AKTIOUN**
**GIELT BAND**

# HEI DIERFT DIR PLÉCKEN!

D'"Gielt Band" ass eng Aktioun vum Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an dem Syvicol. **Ass een Uebstbam mat engem giele Band markéiert, dann ass d'Plécke fir den eegene Bedarf erlaabt,** jo esouguer erwënscht. An dat gratis. Zil ass et vun deene villen ongenotzten Uebstbeem ze profitéieren an sech ze zerwéieren.

*'Mir sinn Antigaspi an Dir?* **Zesumme géint d'Liewensmëttelverschwendung!**

*Zerwéiert Iech!*

Anti gaspi antigaspi.lu

SYVICOL Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural



# ACTION GIELT BAND

# CUEILLEZ LIBREMENT !

Le ruban jaune, « Gielt Band », est une action du ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural en collaboration avec le Syvicol. **Si un arbre fruitier est marqué à l'aide d'un ruban jaune, la cueillette pour l'usage personnel est autorisée** – voire même souhaitée – et gratuite. Le but est de se servir et de profiter de tous les fruits inutilisés. **Ensemble contre le gaspillage alimentaire !**

*Nous sommes antigaspi, et vous ?*

*Servez-vous !*

Anti gaspi antigaspi.lu

SYVICOL Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

# GIELT BAND
# ACTION



# PICK FREELY!

The yellow ribbon, "Gielt Band", is a campaign by the Ministry of Agriculture, Viticulture and Rural Development together with the Syvicol. **If a fruit tree is marked with a yellow ribbon, picking the fruit for personal use is permitted** – even welcomed – and free of charge. The aim is to help yourself to the otherwise wasted fruit and make use of it.

**We're against wasting food** - *are you with us?*

*Help yourself!*

Anti gaspi

antigaspi.lu

SYVICOL
Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural